N°320
Entrée le 12.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnengsbau & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Rechter an d'Fliichte vum CFL-Personal ginn duerch ee Spezialgesetz vun 1920 gereegelt. Zënter méi wéi engem Joerhonnert gëllt dëse Sonderstatut mat senge ganz eegene Reegelen abseits vum Code du Travail an de Gesetzer vum Staatsbeamtestatut.

Reegelméisseg mécht de Staatsrot a sengen Avis'en (zum Beispill n°60.075 oder och 60.421) zu groussherzogleche Reglementer betreffend dem CFL-Statut de Constat, dass déi legal Basis, déi de Sonderstatut vum CFL-Bedénschtete reegelt, net duergeet. Et gëtt virun allem bemängelt, dass d'Regierung laut eiser Verfassung guer net d'Kompetenzen hätt, fir de gesamte Statut an engem groussherzogleche Reglement festzehalen, well d'Grenzen vun hire Méiglechkeete vun eiser Verfassung iwwerschratt wieren. Doraus kann ee schléissen, dass d'Chamber als Legislateur de Statut muss iwwert ee Gesetz reegelen. D'Gesetz vun 1920 misst iwwerschafft oder ersat ginn.

De Sonderstatut an d'Assimiléierung vum CFL-Bedéngschteten un de Fonctionnaires-Statut si juristesch gesinn net kloer. Sinn CFL-Mataarbechter eng Zort Fonctionnairen mat alle Rechter a Fliichten? Oder sinn se et net?

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°5944 zu dësem Thema, hat de fréiere Koalitiounspartner a Virgänger vun der aktueller Mobilitéitsministesch geäntwert, dass eng Reform vum aktuelle Sonderstatut net geplangt wier, "*mee eng nächst Regierung wäert sech mussen dëser Fro sécher unhuelen.”*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wäert dës Regierung sech dësem Dossier unhuelen oder wäert si beim CFL-Sonderstatut alles beim Ale beloossen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

N°320
Entrée le 25.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten,an dem Här Serge Wilmes, Minister fir d'Fonction publique op d'parlamentaresch Fro N° 320 vum 12. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwer de Personalstatut vun den CFL**

Eng Iwwerschaffung vum Statut vun den CFL Agenten ass bei den Koalitiounsverhandlungen net als Prioritéit festgehalen ginn an steet net am Koalitiounsaccord. Aktuell ass och net virgesinn dësen Dossier prioritär ze behandelen.

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes